## Ëmgesidelt durech d'Nazischergen.

"Willst du nicht mein Bruder sein so hau ich dir den Schädel ein." ënnert dësem Motto hun Naziën ,déi Giel, déi Brong an d'SS gewierkt a gehandelt,dass niewent Prisong, Lager, KZ, Emsidelong en Haaptfaktor vun den Nazi Bonzen wor huet sech dodurech bewisen dass eng onnmass Lëtzebuerger Famillgen no Däitschland asw. verschleeft an "emgesidelt gouwen. Och séier vill Schëfflénger Bierger hun de Wee an d'Emsidelong erlieft a matgemaacht ouni Ausnahm, Jong an Al, Papp a Mamm, Fra a Mann, Meedercher,Bouwen Kanner gouwen opgelueden an transportéiert wéi Stécker Véi, krank oder nëtt krank, duerno ass nët gekuckt oder gefrot gin. Woufir,virwat dat alles ? de Preisen hir Äntwert wor kuerz an einfach.," Sie bieten nicht die Gewähr, Sie sind Deutschfeindlich,Ihr Sohn Bruder,Tochter,Schwager ist aus der Wehrmacht desertiert,entflohen. Ihr Mann war am grossen Streik beteiligt " usw... Dat dës ongléckléch Mënschen nëmmen dat aller néidegst konnte mat op de Wee huelen durfir haten dës Mënscheschënner schons gesuergt, ënnert watfiren Em an Zoustänn dës arem Verschläften de Wee an d'Ongewëssheet hun musse machen an erliewen wor alles wéi nëtt schéin, et wor onmënschlech.....

Iwwer d'Liewen Em ? an Zoustänn ,Schikanen,Torturen an Leiden an all dat wat dëss durech Mënscheschënner vergewaltegt Mënschen hu missen erleiden an erdroen dat ass deene virbehalen doriwwer ze schreiwen an ze beriichten déi dat alles matgemaacht an um egenen Leif erfueren hun.

Ech selwer war mat Resistenzler vun Deifferdang R.L. an verschidden Emsidelongslager, mir haten Gespréicher,Kontakter mat villen Famillgen, mir hun villes gesin,héieren an erlieft.,a kannëmmen soen a schreiwen dass mir dat grousst Gléck haten nët an d'Hänn vun desen Brütten an Barbaren der Gestapo,der SS,desen Nazischergen ze gerooden.

### Emgesidelt Famillgen vu Schëffléng.

D:Madame Adam Hans an hir Kanner<br>
d'Madame Biren Georges an hiirt Kand<br>
d'Famillgen Bourkel Henri<br>
id. Braquet Jean<br>
d.Madame Cetigga R.<br>
d'Famillgen Del Marco Jean<br>
id. Diederich-Reiff<br>
id. Falchero Josy<br>
id. Falchero-Frisch<br>
id. Falchero-Feiereisen<br>
id. Falchero-Breisch<br>
id. Frappini Ada<br>
id. Gaasch Emile<br>
d'Madame Godfroid Catherine

Famillgen Hammang-Hoffmann
id. Hilbert Théodor
id. Kauffmann Henri
id. Karrenberg -Diederich
d'Madame Knepper Camille
d'Famillgen Riga Jos
id. Rommelfanger-Parasch
id. Reiland -Falchero
id. Scheuer Gaston
id. Schmit JB.
id. Schmitz-Jung
id. Thilges Henri
id. Welter Nic
id. Wagner Jean
id. Olinger Robert
id. Parrasch JP.
id. Pirsch-Bourkel
id. Paulus Jos
Monsieur Parrasch Alphonse.

Et kanméiglech sin dass deen een oder aneren oder Famillgen bei dëser Opzielong ka vergiess gi sin duerfir bieden ech em Verständnëss, mir gedenken hinnen alleguer mat groussem Respekt.

Jäng HAAS
Schëffléng.